N°2328
Entrée le 15.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Ee WORT-Artikel vum 23ten Dezember 2024 hat beriicht, dass tëschent der Stad an dem Belval ee weideren Tram-Arrêt kéint kommen. D'Ministesch huet dës Informatioun an der Äntwert op meng parlamentaresch Froen n°1714 an 1889 bestätegt.

Et ass verdächteg, dass direkt nieft der Opfaart de Projet GridX vum Besëtzer vun der selwechter Baufirma gebaut gëtt, wéi d'WORT schonn am Artikel erkannt hat. "*Die Haltestelle würde in direkter Nähe zum GridX entstehen. Das Großprojekt der Giorgetti-Gruppe […]*"

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Op d'Fro, firwat de Giorgetti-Grupp d'Opfaart baut, do hat d'Ministesch geäntwert: *"Bei den ëffentlechen Ausschreiwungen huet dës Baufirma déi gënschtegst Offeren ofginn, an deemno och hei den Zouschlag krut." "Entspriechend der Gesetzgebung ginn d'Offere vun deenen Entreprisen zeréckbehalen, déi no der Erfëllung vun alle Krittären déi bescht ekonomesch Offer ofginn hunn. Falls keng zousätzlech Krittäre fir den Zouschlag festgeluecht sinn, kritt déi gënschtegst konform Offer den Zouschlag."*
    - Firwat goufe keng Krittären an dës ëffentlech Ausschreiwung agebaut, déi Firmen ausschléissen, déi een Eegeninteressi um Projet kéinten hunn a vun de Retombéeë vum Bauprojet profitéieren?
2. Ass et ënnert dem aktuelle Marché public Gesetz méiglech, dass eng Firma iwwert eng aner Societéit de Projet kéint kréien?
3. De Premierminister huet a senger Ried zur Lag vun der Natioun eng Upassung vum Gesetz iwwert Marchés publics ugekënnegt, am Kader vu Wandkraaftrieder.
    - Wäert d'Regierung dofir suergen, dass d'Reegele vun den Ausschreiwunge méi streng ginn, esou dass keng Firma kann un enger Ausschreiwung deelhuelen, wou si selwer Interessie huet a finanziell oder strategesch duerno vum Projet profitéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten